ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP n°2304

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 29. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Dës Woch war d'Nees-Rentrée an de Grondschoulen. Och wann an de Medien dës Operatioun *in globo* als en Erfolleg duergestallt gouf, kritt een awer vum Terrain vill méi differenzéiert Echoen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Den Direkter vun der Santé huet dës Woch op RTL nach eemol op d'Méiglechkeet vun enger Ustiechung duerch Aerosolen higewisen. Dowéinst wär d'Lëften esou wichteg. A verschiddene Schoulgebaier schéngt d'Léierpersonal awer nach net ëmmer an op eng systematesch Manéier déi néideg Schlësselen ze kréien, fir d'Fënstere kënnen opzemaachen. Intervenéiert de Staat bei deenen zoustännegen Instanzen, inklusiv dem Syvicol, fir datt iwwerall an allzäit d'Méiglechkeet besteet, fir d'Schoul- an d'Openthaltsraim systematesch ze lëften?
2. Op ville Plaze sinn d'Raimlechkeete ganz genee vermooss ginn, fir datt si deenen aktuellen Noutwennegkeete kënne gerecht ginn. Gläichzäiteg sinn awer eng Rei vu Schoule mat där Tatsaach confrontéiert, datt nei Schüler bäikommen, dorënner och *Primo-arrivants*. An esou engem Fall kënnen d'Sécherheetsofstänn eventuell net méi agehale ginn. Gëtt et an dem Kontext Instruktioune fir d'Schoulen an aner Infrastrukturen, wéi si solle mat Variatiounen an der Schülerzuel bis zur grousser Vakanz ëmgoen?
3. Well d'Schoulmedezin nëmmen nach ageschränkt fonctionéiert, stellt sech och d'Fro no der medezinescher Kontroll vun de *Primo-arrivants*. Ginn déi Kanner nach systematesch vun engem Schouldokter ënnersicht ier si ageschoult ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2304 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Wéi den honorabelen Deputéierte schonns a senger Froestellung undäit, ënnerläit d'Gestioun vun de Schoulhaiser am Fondamental de Gemengenautoritéiten. Am Austausch mat de Gemengen a besonnesch mam Syvicol gouf ëmmer d'Wichtegkeet vum Lëften ënnerstrach. D'Gemengenautoritéiten sinn sech däers bewosst an wäerten hir technesch Dëngschter ugewisen hunn, fir reegelméissegt Lëften ze suergen. Dat bedeit awer net onbedéngt, datt d'Léierpersonal alleguer d'Schlëssele kritt, fir jidder Fënster opzemaachen. D'reegelméissegt Lëften an dat allgemengt Sécherheetskonzept vun der Schoul mussen ënner een Hutt bruecht ginn.

**Ad 2)**

Dat, wat den honorabelen Deputéierte beschreift, war déi grouss Erausfuerderung bei der Organisatioun vun der Reouverture vun de Schoulhaiser de leschte 25. Mee. Am Verglach zu dem Defi deen Ament ass déi Situatioun vun engem zousätzleche Kand liicht duerch eng gutt Zesummenaarbecht Gemeng-Schoul-Schouldirektioun ze léisen. An deem Kontext ass et egal, op déi nei Schülerin oder den neie Schüler innerhalb Lëtzebuerg geplënnert ass oder aus dem Ausland kënnt.

**Ad 3)**

D'Divisioun vun der Schoulmedezin vun der Gesondheetsdirektioun ass virbereet op déi nächst Rentrée scolaire. Wann d'Evolutioun vun der Covid-19-Pandemie weiderhi favorabel bleift, da kënnen d'Aktivitéite vun der Schoulmedezin nees gemaach ginn am selwechten Ëmfang wéi virun der Pandemie. Am Fall vun engem Zouhuele vun den Covid-19 Infektiounen, wäert d'Schoulmedezin hir Aktivitéiten upassen un d'Ufuerderunge vum Infektiounsschutz. An deem Fall wäerten d'Aktivitéiten awer ageschränkt sinn. Déi Kanner, déi als Primo-arrivants opgeholl ginn, wäerten awer op jiddwer Fall kënne systematesch vun engem Schouldokter ënnersicht ginn iert si ageschoult ginn.